LETSCH François, membre actif de la 'Chorale Ste-Cécile Dommeldange'  
LUDWIG Pierre, membre actif de la 'Chorale Ste-Cécile Dommeldange'  
MILBERT Roland, membre actif de la 'Chorale Ste-Cécile Waldbredimus'  
WANDERSCHIED-AUST Justine, membre actif de la 'Chorale Ste-Cécile Lorentzweiler'  
SOISSON-SCHEECK Jeanny, membre actif de la 'Chorale Ste-Cécile Lorentzweiler'

### ORDRE DE MÉRITE DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

#### Promotion de 2020

SCHILTZ Jean, membre actif de la 'Chorale Ste-Cécile Beaufort'

#### Promotion de 2021

GRETHEN Jos, membre actif de la 'Chorale Ste-Cécile Waldbredimus'  
JUNG Pierre, membre actif de la 'Chorale Ste-Cécile Waldbredimus'

**Le Comité Central de l'Union Saint-Pie X s'empresse de présenter aux 16 choristes honorés ses très vives félicitations et ses sincères sentiments de gratitude et de reconnaissance.**

# De Magnificat an der éischer Hallschent vum 20. Joerhonnert

Nodeems mir am leschte Canticum Novum beliicht hunn, wéi d'Traditioun vun de Gebiet- a Gesangbicher zu Lëtzebuerg ugefaangen huet, kucke mir dës Kéier op de Werdegang ronderëm déi zwee Weltkricher.

1912 gouf dat véiert Gebiet- a Gesangbuch fir Lëtzebuerg publizéiert – dëst no der Himmelsharfe vun 1846, engem Gebiet- a Gesangbuch vun 1867 an engem vun 1894. D'Gebiet- a Gesangbuch vun 1912 dréit als éischt de Numm „Magnificat“. Vundo unschwätzt een, wann een zu Lëtzebuerg vum diözesane Gebiet- a Gesangbuch schwätzt, ëmmer vum Magnificat. De Numm baut op der laanger Verbonnenheet vun der Lëtzebuurger Kierch mat der Muttergottes op, wéi am leschte Canticum Novum erkläert gouf. Begrënner vun dësem Numm war de Seminärprofessor Dr. Georges Kieffer (1867-1937). „Vom Seminar aus sah er auch die Not des Volkes. Dies bewog ihn, das ‚Magnificat‘ zu schreiben, das heute jedes Kind bei uns in Händen hat“<sup>1</sup>, sot de Bëschof Joseph Philippe a senger Priedegt beim Begriefnes vum Professor G. Kieffer den 11. Dezember 1937. A sengem éischte Magnificat vun 1912 benotzt de Professor Kieffer nach säi Pseudonym „Dr. G. Marianus“. Am Magnificat vun 1914 fanne mir awer schonns säi richtegen Numm „Dr. G. K.“

An den 1910er Jore bis zum Zweete Weltkrich sinn eng Partie Magnificaten entstanen. Ugefaange mam schonns erwäante Magnificat vun 1912, si weiderer an de Joren 1914, 1916 an 1919 gedréckt ginn, woubäi dëst sécher net all d'Ausgabe sinn. E leschten, deen ech selwer hunn, ass ëm 1935 gedréckt ginn. Leider steet keen Datum am Buch, mee dat vir am Buch agepechte Bildchen „Zum Andenken an die Heilige Firmung [...] am 16. Juli 1935 [...]“<sup>2</sup>, léisst op d'Entstéungszäit schléissen. All dës Magnificaten kënnen opene bezu ginn. Obwuel verschidde Lidder an d'Titelbild änneren, bleift d'Virwuert ëmmer dat selwecht. Déi genee Entstéungprozesser vun den eenzele Bicher sinn net méi erëmzeginn, well am Lëtzebuurger Ordinariatsarchiv keng

Dokumenten ze fanne waren. Trotzdeem well ech kuerz de Magnificat vun 1912 an dee vun 1916 erausgräifen.

De Magnificat vun 1912 huet als Titelbild d'Jongfra Maria an d'hellegt Sakrament vun der Eucharistie. Nom Titelbild, der Titelsäit an dem Imprimatur vum Bëschof Jean-Joseph Koppes ass d'Virwuert ze fannen. Dëst



ouni Autorenumm publizéiert Virwuert mécht däitlech, datt d'Gebiet- a Gesangbuch fir de Gebrauch am öffentleche Gottesdénsgsch a fir privat Andachte bestëmmt war.<sup>3</sup> Gebieder a Gesäng goufen esou ausgewielt, datt si deene Gleewegen an all Situatioun hëllefbräich kënne sinn a si am perséinleche Gebiet stärke sollen.<sup>4</sup> E weideren Abschnitt am Virwuert versicht d'Aféierung vun de Lidder an der Mass ze reegelen, esou wéi de Pöpst Pius X. et 1903 a sengem Motu proprio „Tra le sollecitudini“ iwwert déi aktiv Participatioun vun de Gleewegen um Gottesdénsgsch gewünscht huet. E wichtege Leitsaz vum Magnificat ass dat biblescht Wuert aus dem Kolosserbréif: „Das Wort Christi wohne in euch und ströme über, indem ihr in aller Weisheit euch selber belehrt und aufmuntert durch Psalmen, Gesänge und geistliche Lieder und in Dankbarkeit Gott lobset in eurem Herzen.“ (Kol 3,16)<sup>5</sup> D'Buch besteet aus zwee groussen Deeler. Am éischten Deel sti Gebieder, 6 Litaneien an 8 laténgesch Gesäng ouni Nouten. Am zweeten, méi klengen Deel sinn d'Lidder ofgedréckt. Am bäigefügten Anhang sinn nach

1 Artikel im „Luxemburger Wort“ vom 11. Dezember 1937, ohne Autor: Begräbnis von Monseigneur Dr. Georg Kieffer. In: Luxemburger Wort, [ohne Angabe des Jahrganges] (1937), 345/346, S. 4.

2 Eintrag zum Gedenken an die heilige Firmung. In: Magnificat oder Gebet- und Gesangbuch für die Diözese Luxemburg. Herausgegeben auf Anordnung des Bischöflichen Ordinariates. Luxemburg: Verlag der Sankt Paulus-Druckerei (ohne Jahr), o. S.

3 Vgl. Vorwort (ohne Autorennamen). In: Magnificat oder Gebet- und Gesangbuch zum besonderen Gebrauch in der Diözese Luxemburg von Dr. G. Marianus. Luxemburg: Sankt Paulus-Gesellschaft 1912, o. S.

4 Vgl. ebd.

5 Ebd.



Diözese Luxemburg“ eraus.<sup>7</sup> Den Imprimatur huet de Bëschof Joseph Philippe ginn; Editeur war d’St. Paulus-Druckerei. No dem Titelbild mat Maria als Consolatrix afflictorum, kënnt d’Virwuert vum Bëschof, an deem dëse betount, datt d’Buch de Kanner hëllef soll, an Tugend a Frëmmegkeet ze wuessen. Och wann dëst Bichelchen an der Haaptsaach fir d’Kanner geduecht war, esou waren e puer Gebieder fir Erwuessener dran, déi hinnen d’Méiglechkeet ginn hunn, fir sech un den Andachten an der Kierch kënnen ze bedeelegen. Obwuel et just e klenge Buch ass, enthält et awer 103 Lieder, allerdéngs ouni Nouten. Vun dësem Buch gouf et e puer Oploen. Esou huet d’St. Paulus-Druckerei de 6. Januar 1948 eng véiert Oplo gedréckt, obwuel am selwechte Joer och den eigentleche Magnificat erauskoum.

zousätzlech e puer Lieder an zwee weider Gebieder ze fannen.

Während dem Éischte Weltkrich – enger Zäit, wou eigentlech manner Bicher gedréckt goufen – ass de Magnificat vun 1916 ausgeschafft a gedréckt ginn. D’Titelbild gouf post pressum agepecht a weist d’Maria als Tréischterin am Leed. D’Virwuert gouf quasi ganz vun 1912 iwuerholl. De Gebietsdeel ass dee selwechten, allerdéngs gouf et bei de Lieder e puer Changementer, ënner anerem sinn der bäikomm. Bis an 1930er Jore ginn et ëmmer erëm Neioploe vun dësem Magnificat mat eenzelen Ännerungen. Als Begleetpublikatioun kann deelweis d’Diözesangesangbuch gesi ginn, well verschiddeleche Nummern aus deem jeweils anere Buch derbäi gesat gi sinn. Allerdéngs ass dat ganz oniwiersiichtlech, well d’Diözesangesangbuch onofhängeg entstanen ass an am Magnificat just Verweiser drop enthalte sinn.



Du koum den Zweete Weltkrich. Et konnte keng Magnificat méi gedréckt ginn, net zulescht well och de Pabeier rar war. Esou klot och 1943 d’Bëscheeflecht Ordinariat am „Kirchlicher Anzeiger“ iwwert e Mangel u Gebiet- a Gesangbicher.<sup>6</sup> Eréischt 1948 gouf deen nächste Magnificatgedréckt. Fird’Knaptheet u Gebietbicher ze behiewen, koum 1945 als Virausgab an als Viraarbecht fir de grouse Magnificat de „Kinder-Magnificat, Gebet- und Gesangbuch für die Schulkinder der

Leider ass et schwierig, den Entstéigungsprozess vum Magnificat vun 1948 erauszefannen, well keng Dokumenter an den Archive sinn an de Magnificat weder a bëscheeflechen Hierdewierder nach am „Kirchlicher Anzeiger“ erwäänt gouf. Allerdéngs schéngt d’Publikatioun vum Magnificat e groussen a laang geheegte Wonsch gewiescht ze sinn, wéi de Bëschof Dr. Joseph Philippe am Virwuert schreift. Mat dësem Magnificat wollt een déi Gleeweg un déi grondleeënd Wourechte vum Glawen erënneren a si an de liturgesche Sënn vun den eenzele Fester aféieren.<sup>8</sup> Opgebaut ass d’Buch ewéi seng Virgänger aus zwee onofhängegen Deeler: Gebieder a Lieder. Et befannen sech 188 Gesäng am Buch an an engem klengen Anhang 22 Gesäng fir Kanner an 7 Choralmassen. Als Begleetpublikatioun gouf et en Lidderauszug (1948).

No dëse schwierigen Zäite ronderëm d’Weltkricher, wou et problematesch ass déi genee Geschicht vun den Magnificaten nozezeechen, gëtt d’Dokumentelag erëm méi kloer. Eng Neioplo krut den Magnificat gutt 20 Joer méi spéit kuerz virum Zweete Vatikanesche Konzil. Op dëst Gebiet- a Gesangbuch wäert ech an der nächster Ausgab vum Canticum novum agoen.

Marc LOEWEN



<sup>6</sup> Vgl., „Bezug von Gebetbüchern“. In: Bischöfliches Ordinariat (Hrsg.): Kirchlicher Anzeiger, 73 (1943), 7, S. 3f.

<sup>7</sup> Vgl., „Kinder-Magnificat“. In: Bischöfliches Ordinariat (Hrsg.): Kirchlicher Anzeiger, 75 (1945), 27, S. 3f.

<sup>8</sup> Vgl., Philippe, Joseph. Vorwort. In: Magnificat. Gebet- und Gesangbuch für die Diözese Luxemburg. Herausgegeben auf Anordnung und mit Gutheißung des Hochwürdigsten Herrn Bischofs Dr. Joseph Philippe. Luxemburg: St. Paulus-Druckerei 1948, o. S.

# La partition du chanteur



Les partitions du répertoire de chant ont un certain nombre de particularités qui les font plus ou moins largement différer de celles du répertoire instrumental. Une des raisons majeures de ces divergences vient de la présence d'un texte, dont la présence sous les notes impose le placement des nuances au-dessus du système. Très souvent aussi, le traitement syllabique du texte influe d'une manière quelquefois plutôt dramatique sur la notation rythmique.

Voyons, pour illustrer nos propos, l'extrait noté suivant :

**25. Caldi sospiri**

Realization by **LUIGI DALL'APICCOLA**      **RAFFAELLO RONTANI**  
 [Andante espressivo]      115 - 1425

Voice

1. Cal - di so - spi - ri. Che - so - te dal cu - ra, Deb - bi - te ve -  
 2. Cal - di so - spi - ri. Cor - re - te da Chi - ri, Pas - se - te il

PIANO

*p* sost.

lan - do. Nel sen - ti - mi - o a - mo - re. De - te al - la gra - tia. Che  
 pol - la, Tem - pra - - te! mi - ar - do - ri. E pol - la - ti - el Can -

*f* *espr.*

tu - mo. Tu - do - re, Che - ni - ri. Ois - mo - re. Fra - san - ti mar - ti - ri, O  
 gra - te - vi in can - to. E tu - gra - ti - a mio - giu - sto, Se - nan - gra - de - vi - ri.

cal - di so - spi - ri  
 cal - di so - spi - ri

**Figure 1 : « Caldi sospiri » de Raffaello Rontani, édition National Music Company, New York City**

Si cette partition semble être facile à aborder pour un musicien expérimenté, l'essai de la chanter directement en lecture à

vue échouerait presque sûrement : ceci grâce à deux endroits critiques, que nous analyserons par la suite sous ses aspects gestaltistes.

Le deuxième système contient une structure rythmique complexe, difficile à lire, car la notation, choisie par l'éditeur, contient simultanément deux rythmes différents : celui attribué à la première strophe, ainsi que celui de la troisième strophe. Nous sommes ici en présence d'une interférence d'informations. Rares sont les chanteurs qui liraient ces mesures sans broncher et surtout sans se tromper, même si on leur demandait de se limiter à la seule lecture rythmique du texte.

Ce qui est, d'une part, un moyen pour économiser de la place, du papier et de l'argent est, sur le plan communicatif, un choix erroné. Nous ne sommes pas ici, en présence d'une redondance de type artistique, mais d'une interférence.

Dès qu'un chanteur aura analysé cet endroit et développé une stratégie pour le « résoudre », il le maîtrisera suffisamment bien pour ne plus souffrir de ce type de raccourci.

Voyons maintenant, comment on devrait lire cet extrait (à gauche se situe l'original, à droite sa « dissolution », superposée de sa correspondance en notation instrumentale) :

Notation instrumentale

Notation vocale

(1.) Nel sen - ti - mi - o a - mo - re.  
 Tem - pra - - te! mi - ar - do - ri.

Notation instrumentale

Notation vocale

(2.) Tem - pra - - te! mi - ar - do - ri.

**Figure 2 : Interférence d'informations dans « Caldi sospiri » (2<sup>ème</sup> système)**

La fin du deuxième et le début du troisième système sont difficiles à lire sur le plan rythmique, car l'écriture de style « vocal » ne permet pas de bien voir « arriver » les syncopes, qu'il faut, de surcroît, se forcer à chanter grâce à la prégnance du rythme régulier installé dès le début de la pièce et perpétué par l'interlude instrumental.

L'analyse suivante illustre bien cet isolement de deux syncopes sursautant en plein milieu d'une longue phrase apparemment régulièrement rythmée, aussi longtemps en tout cas, qu'on se fie à la facture rythmique des deux premières mesures de la pièce.

Voies

PIANO

**Rythme prégnant**

1. Cal - di so - spi - ri, Che - sci - te dal co - re, Del - gi - te vo -  
 2. Cal - di so - spi - ri, Che - sci - te dal co - re, Del - gi - te vo -  
 3. Cal - di so - spi - ri, Che - sci - te dal co - re, Del - gi - te vo -

4. Cal - di so - spi - ri, Che - sci - te dal co - re, Del - gi - te vo -

5. Cal - di so - spi - ri, Che - sci - te dal co - re, Del - gi - te vo -

Figure 3 : Rythmes prégnants dans « Caldi sospiri »  
(2<sup>ème</sup> et 3<sup>ème</sup> systèmes)

Pour permettre un travail conséquent de cette pièce à un élève de conservatoire, habitué à lire les rythmes en notation instrumentale, je propose une démarche conséquente.

S'il s'agit ici d'un premier contact avec ce type de « problème », je propose d'utiliser deux fiches de travail qui permettent à l'élève

- de lire le texte dans le rythme sous la forme suivante (fiche 1) :

Cal - di so - spi - ri, Che - sci - te dal co - re, Del - gi - te vo -  
 lan - do, Nel sen - so al ma - o a - mo - re, Di - to - tal - la en - da -  
 ta - mo e fa - do - ro, Che mi - ri ch'io mo - ro Fra tan - ti mar - ti - ri O  
 cal - di so - spi - ri

Figure 4 : Transcription rythmique de « Caldi sospiri »  
(1<sup>ère</sup> strophe)

- de chanter la mélodie sur tralala ou un ou plusieurs autre(s) phonème(s) dûment choisi(s)<sup>1</sup> en fonction des facilités techniques de l'élève et qu'on aura pris soin de noter – elle aussi – en notation instrumentale (fiche 1) :

Figure 5 : Transcription « instrumentale » de « Caldi sospiri »  
(avec le rythme de la 1<sup>ère</sup> strophe)

Après ce travail approfondi, il devient opportun de confronter l'élève à la partition originale (fiche 2) dans laquelle il devra essayer de déchiffrer la deuxième strophe sans l'aide d'une approche préparée. C'est là un excellent contrôle des facultés de lecture de l'élève. Le professeur peut ainsi tester s'il est capable de lire fluidement une partition en notation vocale<sup>2</sup> qu'il connaît à moitié (associations) tout en s'occupant de la bonne prononciation de la langue italienne<sup>3</sup>.

Arthur STAMMET  
professeur de chant



1 Il est possible aussi, si l'élève fréquente encore des cours de solfège et s'il se sent plus à l'aise dans ce genre d'exercice qui crée des associations, de lui demander de solmiser ces trois lignes. Cette action doit pourtant être suivie d'une exécution avec d'autres phonèmes plus faciles à « chanter » et à placer.  
 2 Ce type de notation est une source d'interférences à cause des redondances dues à un système de notation particulier et adapté au chant syllabique.  
 3 Contrôle d'un répertoire de signes visuels et gestalts acoustiques, qui doivent faire partie des gains culturels de l'élève.

## Et wor emol.....

eng Uergelfabrik zu Léntgen. Fir d'éischt, vun 1924 un, war et eng Filial vun der grousser, bekannter Firma Stahlhuth vun Aachen-Burtscheid. Dunn huet de Betrib sech selbststänneg gemaach ënnert dem Georges Haupt, an huet vun do un „Manufacture d'Orgues Luxembourgeoise succ. G.Haupt“ geheescht. De Georges Haupt ass am Joer 1952 gestuerwen, seng Neveuen hunn d'Uergelfabrik iwwerholl bis zu der Faillite am Joer 1962. D'Uergelfabrik, vun deem Ament un als „Manufacture d'Orgues Luxembourgeoise“, gouf du geleet vum Meeschter Nic. Loewen, dee scho fréier an der Firma matgeschafft hat, an tëscheduerch selbststänneg war. Et war virgesinn, datt dee jonken Uergelbauer Herbert Schmidt, esoubal wéi e säi Meeschter gemaach hätt, da sollt den Nic. Loewen als Leeder vun dem Betrib ofléisen. Mee et koum anescht. Op d'Bedreiwe vu verschiddene Leit gouf den Georg Westenfelder agestellt, e jonken Uergelbaumeschter, dee seng Léier beim Uergelbauer Werner Bosch zu Kassel gemaach hat, a vun deem Abléck un huet e ganz neie Wand zu Léntgen geblosen.



Wuel haten déi lescht Uergelen éiert de Georg Westenfelder d'Firma iwwerholl hat, (Basbellain 1967, Nidderwoltz a Walfer 1968) schonns keng Kegelladen méi, mee déi méttlerweil als besser ugesi Schläifladen, awer de Konzept vun deenen Uergelen war gréisstendeels nach ëmmer dee vu virdrun: wa méiglech zwee Manuale mat Pedal, als Basis e Prinzipal 8' Register an eng elektresch Traktur, also zolidd traditionell Uergelen mat just e bësse méi Aliquoten a Mixture wéi virdrun. 1971 gouf an der Méchelskierch um Fëschmaart an der Stad Lëtzebuerg déi restauréiert Uergel ageweit. Hei war e ganz neie Wee ageschloe ginn: net einfach eng nei Uergel an engem ale Gehais, mee en Instrument, dat ganz no de Prinzipien vum ale franséischen Uergelbau aus dem 17. Joerhonnert gebaut gouf. Dat Wierk mat senger franséischer Zongen (Grand Jeu) an senger Fongen a Mixturen (Plein Jeu) eegent sech perfekt fir d'Musik vun engem Couperin, De Grigny, Clérambault, Daquin, asw.

Dat war wierklech eppes Neies hei zu Lëtzebuerg, leider war jo esou gutt wéi näischt vun onsen „historeschen“ (wann een heirënner just d'Instrumenter vu virun 1800 gesäit...) Uergelen iwwerreg bliwwen.

Doropshi sinn och d'„Amis de l'orgue de St-Michel“ gegrënnt ginn, haut heeschen si „Amis de l'orgue Luxembourg“, déi sech säit méttlerweil bal 50 Joer fir d'Uergelen an d'Uergelmusik zu Lëtzebuerg asetzen.

Domat war den Ufank gemaach, vun deem Abléck un kruten, wéi aus der Lëscht ënnen ervirgeet, ganz vill Kierchen eng nei Uergel. Oft gouf dobäi den alen Harmonium duerch eng kleng Päifenuergel ersat, an déi war meeschtens aus der Manufaktur vu Léntgen. Wat engem direkt opfällt, ass, datt d'Spilltraktur an d'Registertraktur vun deenen Instrumenter ëmmer mechanesch ass, an dat ass jo bei klengen Uergelen och net falsch. Bei deene méi grousser Wierker ass dann awer oft d'Registertraktur elektresch, wat fräi Kombinatiounen, (spéider Setzerkombinatiounen) méiglech mécht.

D'Uergel vun der Jousefskierch zu Esch-Uelzecht hat 1977 zéng (!) Kombinatiounen; do war een deemools bass erstaunt. Haut ass dat näischt méi, d'Elektronik mécht bal alles méiglech.

Wat fir eng Instrumenter sinn elo aus där Wierklëscht besonnesch ervirzehiewen? 1977 Jousefskierch Esch, wou och



nach Päifen aus der éischter Uergel (Stahlhuth) vun 1885 iwwerholl goufen; d'grouss Uergel am Conservatoire Lëtzebuerg 1985 an natierlech d'klassesch Uergel hannen an der Kathedral 1995. An net ze vergiessen, nieft Sankt Méchel d'Neibauten am klassesche Stil an den ale Gehaiser: 1979 am Stadgronn, 1993 zu Veianen an 1996 zu Ëlwen.



Esou ëm d'Jordausendwenn huet de Wand sech nees gedréit: Noumer krut op Wonsch vum deemolegen Organist eng ganz elektresch Traktur, an interessant ass, datt 2011 zu Kielen d'Uergel hir Kegelladen behalen huet an och d'Dispositioun vun de Register bäibehale gouf. Dat war an der Nopeschierch zu Keespelt 1997 nach ganz anescht: Do gouf d'Uergel (1905, Müller vu Reifferscheid) einfach ofgerappt an e ganz neit Instrument ënner Verwendung vun en puer ale Register gebaut.

Wichtig wär hei och nach ervirzehiewen, datt d'Manufacture d'orgues luxembourgeoise net nëmmen Uergele fir de Lëtzebuurger Marché gebaut huet, mee och Instrumenter an d'europäescht Ausland an esouguer bis a Japan geliwert huet.

Firwat huet esou eng ruhmräich Firma missen ënnergoen? Engersäits huet natierlech d'Trennung vu Kierch a Staat, d'Ofschafe vun de Kierchefabriken an den allgemenge Réckgang vum Kierchebesuch eng Roll gespilt; et goufen an deene leschte Joren zu Lëtzebuerg kaum nach nei Uergele gebaut, an och gréisser Renovéierung goufe vill manner duerchgezunn, ausserdeem ass säit enger Rei vu Joren d'Konkurrenz am Uergel-Secteur vill méi grouss ginn. Et war och eventuell net gutt, datt bei verschiddene Renovéierungs-Projete vun Uergele mat Kegelladen an elektro-pneumatescher Traktur d'Firma Westenfelder Raute gewénkt huet, well si net dorunner interesséiert war (Sacré-Cœur Lëtzebuerg-Gare 1998, Arel St-Martin 2001, asw). Dat hat da villäicht spéiderhin Auswierkungen.

Mee wéi deem auch sei, mir siche kengem eng Schold ze ginn a freeën ons léiwer iwwert déi vill Uergele vu Lëntgen, déi an onse Kierchen zu Éier vum Herrgott hir Stëmm erklänge loosse.

**Patrick COLOMBO**

Wierklëscht (méiglecherweis net komplett)  
Uergele vun der Manufacture d'orgues luxembourgeoise ënner der Leedung vun der Famill Westenfelder zu Lëtzebuerg:  
Detailer zu dësen Uergele fannt Dir op [www.orgues.lu](http://www.orgues.lu)

- 1969 Méchelskierch Lëtzebuerg, II+P, 26 (RN), mech.
- 1970 Harel, II+P, 15 (N), mech.
- 1971 Belval-Metzerlach, II+P, 17 (N), mech.
- 1972 Millebaach, II+P, 10 (N), mech.
- 1972 Bettenduerf, I+P, 8 (N), mech.
- 1973 Waasserbëlleg, III+P, 30 (N), Reg. el., Sp. mech.
- 1973 Osper, II+P, 17 (N), Reg. el., Sp. mech.
- 1973 Belair, Franziskanerinne-Klouschter, II+P, 17 (N), Reg. el., Sp. mech.
- 1974 Ettelbréck, III+P, 38 (N), Reg. el., Sp. mech.
- 1975 Märel, II+P, 21 (N), Reg. el., Sp. mech.
- 1975 Ev. Gemeinde deutscher Sprache, Luxemburg, I+(P ugeh.), 6 (N), mech.
- 1978 Näerden, I+P, 8 (N), mech.
- 1977 Esch-Uelzecht, IV+P, 60 (N), Reg. el., Sp. mech.
- 1977 Bielees, II+P, 16 (N), mech.
- 1978 Brouch (Miersch), II+P, 15 (N), mech.
- 1978 Diänjen, I+(P ugeh.), 5 (N), mech.
- 1978 Steeën, I+(P ugeh.), 5 (N), mech.
- 1978 Reckeng (Miersch), I+(P ugeh.), 6 (N), mech.
- 1978 Rolleng (Miersch), I+(P ugeh.), 5 (N), mech.
- 1978 Mierschent (haut Lulléng), I+(P ugeh.), 5 (N), mech.
- 1978 Houschent, I+(P ugeh.), 5 (N), mech.
- 1979 Stadgronn, III+P, 41 (R), mech.
- 1979 Weiler-la-Tour, II+P, 15 (N), mech.
- 1979 Zithaklinik, Lëtzebuerg, II+P, 14 (N), mech.
- 1980 Sëll, I+P, 10 (N), mech.
- 1981 Cents, III+P, 33 (N), Reg. el., Sp. mech.
- 1981 Miersch, Choueruelgel, I+P, 10 (N), mech.
- 1982 Gaasperech, II+P, 16 (N), mech.
- 1982 Béiwen-un-der-Atert, II+P, 15 (N), mech.
- 1983 Gréiwemaacher, II+P, 22 (RN), Reg. el., Sp. mech.
- 1984 Lëntgen, 2. Uergel, II+P, 19 (N), mech.
- 1984 Suessem, I+(P ugeh.), 7 (N), mech.
- 1985 neie Conservatoire Lëtzebuerg, II+P, 52 (N), Reg. El., Sp. mech.
- 1985 Ettelbréck, Choueruelgel, I+(P ugeh.), 10 (N), mech.
- 1986 Giischerklaus, I+P, 7 (N), mech.
- 1987 Esch-Lalleng, II+P, 16 (N), mech.
- 1987 Reisduerf, I+P, 9 (N), mech.
- 1989 Steesel, III+P, 26 (N), mech.
- 1990 Dol, II+P, 15 (N), mech.
- 1990 Betten-un-der-Mess, II+P, 13 (N), mech.
- 1990 Bettborn, Choueruelgel, I+(P ugeh.), 6 (N), mech.
- 1990 Gousseldeng, I+(P ugeh.), 5 (N), mech.
- 1990 Buschdorf, I+(P ugeh.), 5 (N), mech.
- 1991 Uespelt, II+P, 18 (N), mech.
- 1992 Branebuerg, I+P, 9 (N), mech.
- 1993 Veianen, II+P, 25 (R), mech.
- 1993 Houwald, III+P, 27 (N), Reg. el., Sp. mech.
- 1994 Heiscent, II+P, 19 (N), mech.
- 1995 Kathedral Lëtzebuerg 2. Uergel (klassesch), IV+P, 60 (N), Reg. el., Sp. mech.
- 1996 Angelsbiereg, I+P, 8 (N), mech.
- 1996 Ëlwen (Troisvierges), II+P, 25 (RN), mech.
- 1997 Keespelt, II+P, 23 (RN), Reg. el., Sp. mech.
- 1997 Bartreng, II+P, 27 (N), Reg. el., Sp. mech.
- 1997 Michelau, I+(P ugeh.), 6 (N), mech.
- 1997 Nojem, I+(P ugeh.), 5 (N), mech.
- 1998 Helleng, II+P, 10 (N), mech.
- 1999 Noumer, II+P, 26 (RN), el.
- 2000 Buerglënster, II+P, 24 (N), mech.
- 2001 Buerschent, II+P, 12 (N), mech.
- 2001 Iermsdref, (II Wechselschl.+P), 10 (N), mech.
- 2003 Réiden-un-der-Atert, II+P, 23 (N) Reg. el., Sp. mech.
- 2004 Nidderfeelen, II+P, 18 (N), mech.
- 2005 Miedernach, II+P, 27 (N), mech.
- 2007 Fenteng, II+P, 17 (N), mech. an el. Traktur
- 2007 Eppelduerf, I+ (Truhenpositiv)
- 2008 Béiwen (Bavigne), I+P, 9 (N), mech.
- 2009 Glaciskapell, II+P, 6 (N), Truhenorgel, mech.
- 2010 Biissen, Wobiergkapell, II+P, 5 (N), mech.
- 2011 Kielen, II+P, 16 (RN), el. Traktur

# Compte rendu de l'Assemblée Générale 2021 « à distance »

A cause des réglementations définies dans la loi Covid-19, l'Union Saint-Pie X a tenu cette année-ci son assemblée générale « à distance » en date du 30 avril 2021. Conformément aux statuts, toutes les chorales affiliées à l'Union ont été invitées deux semaines à l'avance avec l'indication de l'ordre du jour et la précision « assemblée générale à distance » respectivement « vote par correspondance ».

Tous les points mis à l'ordre du jour - rapport d'activités 2020, rapport financier 2020, rapport des vérificateurs de la caisse pour 2020, élection de trois réviseurs de caisse pour 2021, fixation de la cotisation pour 2022, prévisions budgétaires pour 2021, programme d'activités pour 2021, discussion des différents rapports - ont été approuvés à l'unanimité par les chorales ayant répondu au questionnaire.

Voici, après vérification des bulletins de vote, le procès-verbal de la réunion approuvé par le Comité Central de l'Union:

- Membres (chorales) affiliés à l'Union Saint-Pie X : 225
- Choristes inscrits à l'USPX : ± 3600
- **Chorales ayant répondu par voie postale : 125**
- **Chorales ayant « voté pour » : 125**



Pour le Comité Central de l'Union Saint-Pie X

**Albert BRAUCH**  
*Président*

**Lydie JUNG-JUNGLUT**  
*Secrétaire générale*

**John DUSSELDORF**  
*Trésorier général*

## Ännerung vun de Verbandsstatuten an Aussicht

An de leschte Méint huet en Aarbechtsgrupp vum Zentralcomité un e puer Ännerunge vun de Statute geschafft. Déi aktuell Versioun kennt nach Delegéiert vun de Pastoralregionen, déi et no der Neiorganisatioun vun der Ärzdiözes jo net méi gëtt. Am Zentralcomité aus 13 Leit sollen elo déi sechs Dekanater (Lëtzebuerg, Norden, Osten, Süden-Ost, Süden-West, Zentrum) direkt mat jee engem Delegéierte vertrauede sinn, eng separat Delegéierterversammlung ass net méi virgesinn.

Eng aner gréisser Ännerung: de Verband wëllt och Organisten, Kantoren an aner Aktiver aus der Kierchemusek, déi net Member vun engem Kierchchouer sinn, d'Méiglechkeet ginn, Member ze ginn.

Méi Detailler kréien d'Chorallen, wann nach e puer juristesche Viraarbechten ofgeschloss sinn.

## Prix d'encouragement 2020

Le but essentiel du prix d'encouragement est de favoriser de nouvelles initiatives dans le domaine du chant choral, du recrutement de nouveaux membres et d'initiatives particulières en faveur de la jeunesse. Ce prix a été décerné pour la première fois en 2008 et se poursuivra à un rythme de trois ans.

Le prix d'encouragement 2020 est décerné à la fois  
à la "CHORALE STE-CÉCILE BISSEN" et  
à la "CHORALE STE-CÉCILE FOLSCHETTE".

Une récompense en espèces d'un montant de 250 € a été remise à chaque Chorale.



La « Chorale Ste-Cécile Bissen » lors d'un Show-Concert



La « Chorale Ste-Cécile Folschette » lors du Concert National 2012 au Conservatoire de la Ville de Luxembourg



voyages

**emile weber**

éischtklasseg reesen

hinsfeld

Avec nous, vos vacances  
sont entre de bonnes mains.



Des voyages de qualité



en bus



en bateau



en avion



en train

Infotel: 40 28 28-1 [www.emile-weber.lu](http://www.emile-weber.lu)



## Passionsspiele Oberammergau 2022

Die Oberammergauer Passionsspiele haben eine lange Tradition. Alle 10 Jahre ziehen sie Tausende Besucher an. „Im Kreuz ist Heil, im Kreuz ist Leben, im Kreuz ist Hoffnung“ – dieser Glaube soll im bayerischen Dorf lebendig gehalten werden und als Botschaft die vielen Zuschauer aus der ganzen Welt erreichen.

Die Passionsspiele gehen zurück auf das Jahr 1633, als der Ort von der Pest heimgesucht wurde. In ihrer Todesangst wandten sich die Menschen an Jesus Christus. Gott erhörte das Gebet, und die Oberammergauer erfüllten ihr Versprechen, alle zehn Jahre ein Passionsspiel aufzuführen. Seit mehr als drei Jahrhunderten gilt das Spiel nunmehr durch alle Generationen als heiliges Vermächtnis, als Feier der Erinnerung an die Rettung aus Todesnot und als Zeichen des Dankes.

Reservierung in allen Reisebüros von Voyages Emile Weber

Info-Telefon: (+352) 35 65 75-1 [stefano.camposeo@vew.lu](mailto:stefano.camposeo@vew.lu) [www.emile-weber.lu](http://www.emile-weber.lu)

PREIS PRO PERSON - 6 Tage Doppelzimmer: 1.790 € EZ-Zuschlag: 440 €

### 5 Pilgerreisen zu den Passionsspielen in Oberammergau:

**30.5. - 04.6.2022:** Dechant Claude Bache  
& Mme Dani Mackel

**04.7. - 09.7.2022:** Weihbischof Leo Wagener  
& Mme Renée Schmit

**07.7. - 12.7.2022:** Dechant Edmond Ries  
& Pfarrer Pit Faber

**01.8. - 06.8.2022:** Generalvikar Patrick Muller  
& Mme Milly Hellers

**24.9. - 29.9.2022:** Pfarrer Jean-Pierre Schuller  
& Mme Regina Hünecké

LUXEMBOURG - 1

Port payé  
PS / 140